



Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, op d'parlamentaresch Fro n° 3329 vum 10. Dezember 2025 vum éierbaren Deputéierten Sven Clement iwwert *“Nouvelles procédures de l'Administration des Contributions directes et sécurité juridique des contribuables”*

- 1. Kann de Minister bestätegen, datt d'Agente vun der ACD d'Uweisung kruten, bei PDF-Deklariatiounen keng detailléiert Kontrolle méi duerchzeféieren, mee d'Donnéeën ongepréift an de System z'iwwerhuelen?**

Dem Ministère ass keng Uweisung an deem Sënn bekannt. Dobäi ass ervir ze hiewen, datt jeeglech Besteuerung, déi iwwert den elektronischen Assistent MyGuichet ofgewéckelt gëtt, verschidden intern Prozesser an Analysen duerchlafen. Een Agrëff vun engem Beamte vun der Steierverwaltung bleift och hei méiglech, fir esou eventuell Diskrepanze, déi eng gréisser Auswierkung fir de Steuerzueler oder fir d'Steierrecetten hätten, ze vermeiden.

- 2. Wéi schätzt de Minister de Risiko fir d'Steierzueler an, datt duerch dës verstärkte Praxis vu provisoiresche Steuerbescheeder no e puer Joer onerwaart an héich Remboursementsfuerderungen op si duerkommen?**

D'Missioun vun der Steierverwaltung ass et, eng Besteuerung no de Steiergesetzter sécher ze stellen.

Schonn zënter 2008 huet e Steuerbüro d'Méiglechkeet, op Basis vum Paragraph 100a vun der Abgabenordnung (AO), eng Besteuerung eenzeg an eleng op Basis vun der ausgefüllter an agereechter Steuererklärung duerchzeféieren (och “imposition suivant déclaration” genannt).

Besteuerunge vu Steuererklärungen, déi iwwert den Assistent MyGuichet erstallt ginn, ginn an der Reegel op Basis vun der Prozedur vun der “imposition suivant déclaration” vum Paragraph 100a AO duerchgefouert.

Ee Steuerbescheid, deem op Basis vun där Prozedur ausgestallt gëtt, huet déi selwecht juristesche Konsequenzen a Reklamatiounsdelaien ewéi deem, deem no der ordinärer Prozedur ausgestallt gëtt. Dësen huet deemno och kee provisoiresche Charakter. Allerdéngs huet de Steuerbüro nom Paragraph 100a AO d'gesetzlech Méiglechkeet bann 5 Joer, respektiv bis zum Enn vun der Verjärungsfrist, nach eng Kontroll vun der Steuererklärung ze maachen, déi déi initial Besteuerung entweder redresséiert oder bestätegt. Bei spéidere Remboursementsfuerderungen falen dobäi keng Zësen u, wann déi fixéiert Steiere vum Steuerzueler derno am Delai bezuelt ginn.

Fir weider Informatiounen gëtt op d'Äntwert vum 14. Oktober 2025 op d'parlamentaresch Fro n° 2838 vum 8. September 2025 verwisen.

- 3. Aus wéi engem Grond gouf d'IBAN-Feld vun de PDF-Formularen ewechgeholl a wéi gëtt séchergestallt, datt Steuerzueler ouni LuxTrust-Zougang hir Bankverbindung einfach an ouni administrativen Opwand kënne matdeelen?**

Am Zesammenhang mam neie Service “Verification of Payee”, deem opgrond vum *Règlement (UE) 2024/886 du Parlement européen et du Conseil du 13 mars 2024 modifiant les règlements (UE) no 260/2012 et (UE) 2021/1230 et les directives 98/26/CE et (UE) 2015/2366 en ce qui concerne les virements instantanés en euros* agefouert ginn ass, brauch d'Steierverwaltung ee “relevé d'identité bancaire” (RIB) vum Steuerzueler fir datt de Remboursement ka gemaach ginn.



Duerfir ass eng separat Demarche um MyGuichet.lu kreéiert ginn : “Déclaration ou Changement d’IBAN auprès de l’ACD”. Dës Demarche erlaabt et dem Steuerzueler säi Bankkonto zesumme mat den néidege Pièce matzedeelen.

De Steuerzueler kann, alternativ, der Steierverwaltung dës Informatiounen och:

- via Post un déi zoustänneg Recette,
- via Kontaktformulaire um Internetsite vun der Steierverwaltung,
- via elektronesch Mail un déi zoustänneg Recette,

zoukomme loossen.

Wann d’Steierverwaltung net déi néideg Informatiounen huet, ginn dës Informatiounen am Fall vun engem Remboursement automatesch gefrot.

4. Kann de Minister garantéieren, datt dës prozedural Ännerungen net zu systematesche Verspéidunge bei de steierleche Remboursementer féieren an domat d’Liquiditéit vun de Stéit belaaschten?

D’Schnellegheet vum Remboursement un de Steuerzueler hänkt dovun of, wéi schnell d’Steierverwaltung déi néideg Informatiounen an Dokumenter huet fir de Remboursement kënnen ze maachen.

Lëtzebuerg, den 11. Januar 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth